N°7491
Entrée le 19.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.01.2023

FRAKTIOUN CSV

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 19. Januar 2023

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneminister weider ze leeden.

Een Deel vun der Léisung vun der Wunnengsnout an den domadder verbonne Präisser kennen déi sougenannten Tiny Houses sinn, eng alternativ Wunnform fir déi sech ëmmer méi Leit interesséieren. Leider ass déi aktuell Gemengengesetzgebung net ganz un de Modell vun Tiny Houses ugepasst. Laut rezenten Informatiounen um Radio vun engem heige Regierungsbeamten aus dem Wunnengsbauministère wier den Inneminisitère am gaangen un engem "Règlement-type" ze schaffen deen de Gemenge géif erméiglechen dësen Typ vu Wunneng op hierem Territoire ze geneemegen. Dës Informatioun konnt een och schonns läscht Joer an engem Artikel an der lëtzebuerger Dagespress liesen: *„Die Teilbebauungspläne (PAP) der Gemeinden (…) sind oft so ausgelegt, dass Tiny Houses aufgrund ihrer (geringen) Dimensionen nicht genehmigungsfähig sind", antwortet das Ministerium. Allerdings scheint auch dort ein Umdenken einzusetzen. Das Ministerium prüfe derzeit die Möglichkeit, „Vorschläge (in Form eines ‚Règlement-type') zu erarbeiten und den Gemeinden zu unterbreiten, (…) sodass diese Wohntypologie auch generell in Wohngebieten genehmigungsfähig wäre", heißt es in der Antwort."*

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un Regierung stellen:

- Kann d'Madamm Minister Detailer gi wei dësen "Règlement-type" fir Gemenge soll ausgesinn?
- Wéini ass mat dësem "Règlement-type" ze rechnen?
- Kann engem potenziellen Tiny House Keefer doduerch schnell weidergehollef ginn?
- Huet dësen "Règlement-type" een Impakt op PAG'en an de Gemengen?
- Wann jo, wéi géif dat rechtlech ëmgesat ginn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies
Deputéierten

N°7491
Entrée le 06.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 7491 vum honorabelen Deputéierte Marc Lies zum Sujet "Tiny Houses"**

Den zoustännege Service vum Inneministère (Direction de l'aménagement communal et du développement urbain) ass amgaangen, dräi "Règlements-type" auszeschaffen, mam Zil, fir Tiny Houses an Zukunft z'erlaben. Dëst ass jeeweils e spezifesche "Règlement-type" fir den allgemenge Bebauungsplang (Plan d'aménagement général "PAG"), fir den Deelbebauungsplang "quartier existant" (Plan d'aménagement particulier "PAP quartier existant") a fir d'Bautereglement ("Règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites").

Déi fäerdeg "Règlements-type" ginn de Gemengen zur Verfügung gestallt an déngen als Virlag, déi si an hir urbanistesch Regelwierker integréiere kënnen. Soubal d'Gemengen dann nei Bestëmmungen ausgeschafft hunn, kënnen Tiny Houses och an deene Wunnzone genemegt ginn, wou se haut duerch méi restriktiv Bestëmmungen ausgeschloss sinn.

Lëtzebuerg, den 06/02/2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding